| <p>Der Erste-Hilfe-Lehrgang wird vom Lehrgangsleiter durch eine kontinuierliche Lernerfolgskontrolle validiert.</p> <p>Bei erfolgreicher Teilnahme am Lehrgang erhalten die Teilnehmer ein, durch den zuständigen Minister ausgestelltes, Diplom. Hierzu müssen sie an allen 16 Unterrichtsstunden teilgenommen haben und ihre Teilnahme muss durch den Lehrgangsleiter bestätigt werden. Sind nicht beide Bedingungen erfüllt, so wird kein Diplom ausgestellt.</p> <p>Die Gültigkeit des Diploms beläuft sich auf fünf Jahre. Etwa zwölf Monate vor dem Ablauf der Gültigkeit, setzen wir Sie per Mail darüber in Kenntnis, vorausgesetzt, Ihr Benutzerkonto und die angegebene Mail sind noch aktiv. Durch eine erneute erfolgreiche Teilnahme an einem Lehrgang binnen der Fünfjahresfrist verlängert sich die Gültigkeit.</p> <p>Die Lehrgänge welche auf dem Portal cours.cgdis.lu angeboten werden, werden exklusiv von zertifizierten und durch das INFS ausgebildeten und nominierten Lehrgangsleitern abgehalten.</p> | <p>Le cours « premiers secours » est validé suivant un contrôle continu par le responsable. Au cas où le participant ne réussirait pas au cours, aucun diplôme ne sera délivré.</p> <p>Lors d'une réussite de ce cours le participant recevra un diplôme délivré par le ministre responsable. Pour obtenir ce diplôme, les participants doivent avoir pris part au 16h du cours. De plus, le responsable doit valider ladite participation. Aucun diplôme ne sera remis, si ces deux conditions ne sont pas atteintes.</p> <p>Ce diplôme est valable pendant cinq ans. Environ un an avant expiration, vous serez informé par voie électronique, à condition que votre compte utilisateur et votre adresse mail spécifiée soient toujours actifs. Si, pendant cette période de cinq ans, vous suivez de nouveau un cours avec succès, la validité de votre diplôme sera automatiquement prolongée.</p> <p>Les cours proposés sur le portail cours.cgdis.lu sont exclusivement enseignés par des formateurs certifiés, formés et désignés par l'INFS.</p> |

Die Kurse, die vom CGDIS in Zusammenarbeit mit der Gemeindeverwaltung Junglinster organisiert werden, finden wie folgt statt:

22. + 23. / 29. + 30. Mai 2021
samstags/sonntags (8:00-12:00)
auf Luxemburgisch

3. + 4. / 10. + 11. Juli 2021
samstags/sonntags (8:00-12:00)
auf Französisch

6. + 7. / 13. + 14. November 2021
samstags/sonntags (8:00-12:00)
auf Luxemburgisch

Les cours, organisés par le CGDIS en collaboration avec l'administration communale de Junglinster, auront lieu:

22 + 23 / 29 + 30 mai 2021
samedi/dimanche (8:00-12:00)
en luxembourgeois

3 + 4 / 10 + 11 juillet 2021
samedi/dimanche (8:00-12:00)
en français

6 + 7 / 13 + 14 novembre 2021
samedi/dimanche (8:00-12:00)
en luxembourgeois

Centre Polyvalent Gaston Stein
1, rue Emile Nilles, L-6131 JUNGLINSTER





Adaptation des aides communales pour la rénovation énergétique de bâtiments d'habitation, l'utilisation d'énergies renouvelables, la mobilité et l'environnement

L'administration communale de Junglinster a adapté les aides financières qu'elle alloue à ses citoyens pour le soutien d'investissements dans différents domaines !

Nouveau sont les primes suivantes :

- Végétalisation de toitures et de façades
- Installations photovoltaïques installées sur toitures (≤ 30 kWp)
- Acquisition de vélos sans assistance par un moteur
- Acquisition de voitures 100 % électriques et plug-in hybride

Vous trouvez les types et montants des primes communales et étatiques dans le dépliant distribué avec le MAG de mai 2021 ainsi que sur notre site internet : www.junglinster.lu.

N'hésitez pas de contacter Mme Monique Leffin auprès de l'administration communale pour tout renseignement : monique.leffin@junglinster.lu ou Tél. : 78 72 72 1.

Anpassung der kommunalen Finanzhilfen für die energetische Sanierung von Wohngebäuden, die Nutzung erneuerbarer Energien, Mobilität und Umweltmaßnahmen



Die Gemeindeverwaltung von Junglinster hat die finanzielle Unterstützung angepasst, die sie ihren Bürgern für verschiedene Renovierungs-, Mobilitäts- und Umweltmaßnahmen gewährt!


Neu sind folgende Subsidien:

- Begrünung von Dächern und Fassaden
- Auf Dächern installierte Photovoltaikanlagen (≤ 30 kWp)
- Erwerb von Fahrrädern ohne Motorunterstützung
- Erwerb von 100% Elektro- und Plug-in-Hybridautos

Die Arten und Beträge der kommunalen und staatlichen Prämien finden Sie im Flyer, der dem MAG vom Mai 2021 beiliegt, sowie auf unserer Website: www.junglinster.lu.

Zögern Sie nicht, Frau Monique Leffin bei der Gemeindeverwaltung zu kontaktieren, um weitere Informationen zu erhalten: monique.leffin@junglinster.lu oder Tel.: 78 72 72 1.

Cours informatiques



Cours informatiques Commune de Junglinster

du 03 juin 2021 au 09 juillet 2021

| Internetführerschäin 2/2 (fr) | |
|-------------------------------|---------------|
| jeudi 03.06.2021 | 10h00 - 12h00 |
| jeudi 10.06.2021 | 10h00 - 12h00 |
| jeudi 17.06.2021 | 10h00 - 12h00 |
| jeudi 24.06.2021 | 10h00 - 12h00 |
| jeudi 01.07.2021 | 10h00 - 12h00 |
| jeudi 08.07.2021 | 10h00 - 12h00 |

| Microsoft Excel avancé (fr) | |
|-----------------------------|---------------|
| jeudi 03.06.2021 | 14h00 - 16h00 |
| jeudi 10.06.2021 | 14h00 - 16h00 |
| jeudi 17.06.2021 | 14h00 - 16h00 |
| jeudi 24.06.2021 | 14h00 - 16h00 |
| jeudi 01.07.2021 | 14h00 - 16h00 |
| jeudi 08.07.2021 | 14h00 - 16h00 |

| Microsoft PowerPoint (lux) | |
|----------------------------|---------------|
| vendredi 04.06.2021 | 10h00 - 12h00 |
| vendredi 11.06.2021 | 10h00 - 12h00 |
| vendredi 18.06.2021 | 10h00 - 12h00 |
| vendredi 25.06.2021 | 10h00 - 12h00 |
| vendredi 02.07.2021 | 10h00 - 12h00 |
| vendredi 09.07.2021 | 10h00 - 12h00 |

| Microsoft Word avancé (lux) | |
|-----------------------------|---------------|
| vendredi 04.06.2021 | 14h00 - 16h00 |
| vendredi 11.06.2021 | 14h00 - 16h00 |
| vendredi 18.06.2021 | 14h00 - 16h00 |
| vendredi 25.06.2021 | 14h00 - 16h00 |
| vendredi 02.07.2021 | 14h00 - 16h00 |
| vendredi 09.07.2021 | 14h00 - 16h00 |

Cours proposés en langue française et luxembourgeoise:

| | |
|--------------------------------------|-------------------------|
| Internetführerschäin séance 2/2 (fr) | 12x2heures ⇨ Prix : 75€ |
| Microsoft PowerPoint 2010 (lux) | 6x2heures ⇨ Prix : 75€ |
| Microsoft Word 2010 avancé (lux) | 6x2heures ⇨ Prix : 75€ |
| Microsoft Excel 2010 avancé (fr) | 6x2heures ⇨ Prix : 75€ |

Les inscriptions se font tous les jours
du **17.05.2021** au **28.05.2021**
de **09h30** à **16h00**
par téléphone ou e-mail

 **621 22 35 22**

 **ehmann@cigr.lu**

responsable de formation : **EHMANN Fernand**

Internetstuff Jonglënster Centre culturel „Am Duerf“ 24, rue du Village L-6140 Junglinster

 621 22 35 22  ehmann@cigr.lu

VORSICHT TRICKDIEBSTAHL!
DIE POLIZEI INFORMIERT

POLICE
LËTZEBUERG 

Ob beim Einkaufen, im öffentlichen Transport oder an anderen Orten:

BEUGEN SIE TRICKDIEBEN VOR!



Wir raten:

- Handtasche stets geschlossen und nicht außer Acht lassen;
- Wertsachen in Innentaschen aufbewahren, nicht in der Gesäßtasche;
- Sich nicht von fremden Personen berühren oder umarmen lassen;
- Notieren Sie Ihre PIN-Codes nicht auf Bankkarten und verwahren Sie die Geheimcodes nicht im Geldbeutel;
- Schützen Sie sich beim Zahlen oder bei Geldabhebungen vor neugierigen Blicken.

Generell gilt: Vorsicht wenn Fremdes sich annähern. Trick- und Taschendiebe arbeiten mit Ablenkungsmanövern, um unbemerkt an Ihre Wertsachen zu gelangen!



ZESUMME FIR IECH

Lënster Maart 2021

**Lënster
Maart**

24. – 25. September 2021
zu Jonglënster

Op ronn 90 Stänn, erwaarden Iech regional Produzenten, Kënschtler, Artisten an eng ganz Rëtsch un Informatiounen, Aktivitéiten, esou wéi vill flott Animatiounen fir all Alter.

Dëse flotten Event am Häerz vu Jonglënster ass geplangt:
Freides, den 24. September 2021 als Nuetsmaart vun 17.00–23.00 Auer
Samschdes, den 25. September 2021 vun 10.00–19.00 Auer

**An dësem Zesummenhang siche mir nach motivéiert
Participanten, regional Produzenten, Wënzer, Aussteller,
Kënschtler, Handwierker, Veräiner an Associatiounen.**

Dir sidd interesséiert ?

Dann kuckt elo op www.lenstermaart.lu, fëllt de Formulaire aus a schéckt eis en bis spëtstens den 20. Mee 2021 op contact@lenstermaart.lu

ORT Mëllerdall

Presseinfo: Assemblée générale ORT MPSL



Generalversammlung des Tourismusverbandes der Region Müllerthal – Kleine Luxemburger Schweiz

Am Donnerstag, den 25. März fand die ordentliche Generalversammlung des Tourismusverbandes der Region Müllerthal – Kleine Luxemburger Schweiz statt. Präsident Christophe Origer begrüßte die Vorstandsmitglieder und Gäste im großen Saal Atrium im Trifolion. Geschäftsführerin Linda Salentin ging auf das abgelaufene Geschäftsjahr 2020 ein und stellte den Finanzbericht vor. Zum Schluss wurden die Projekte für das Jahr 2021 vorgestellt sowie das Finanzbudget. Der Bürgermeister der Stadt Echternach, Yves Wengler, wünschte eine gute Saison 2021 und lud alle Anwesenden auf den Ehrenwein ein, wenn die sanitäre Situation es wieder erlauben würde.

Assemblée Générale de l'Office Régional du Tourisme de la Région Mullerthal - Petite Suisse Luxembourgeoise

L'Assemblée Générale de l'ORT s'est tenue le jeudi 25 mars au Trifolion à Echternach. Le président du conseil d'administration Christophe Origer a souhaité la bienvenue aux membres du conseil d'administration et aux invités. La gestionnaire Linda Salentin a présenté les activités de 2020 tout comme le bilan financier. Pour 2021, les projets tout comme le projet de budget ont été présentés. Le bourgmestre de la ville d'Echternach, Yves Wengler, a regretté de ne pas pouvoir inviter à un verre d'honneur, mais a promis de le faire quand la situation sanitaire le permettra à nouveau. Il a souhaité une bonne saison touristique 2021 à tous les acteurs.

Office Régional du Tourisme Région Mullerthal -
Petite Suisse Luxembourgeoise
B.P. 152
L-6402 Echternach
Telefon (+352) 72 04 57 – 1
info@mullerthal.lu
www.mullerthal.lu
www.mullerthal-trail.lu



Tourismusverband Region Müllerthal – Kleine Luxemburger Schweiz
www.mullerthal.lu | www.mullerthal-trail.lu

ORT Mëllerdall

Presseinfo: Öffnungszeiten Kulturstätten



Öffnungszeiten der Kulturstätten und Museen in der Region Müllerthal – Kleine Luxemburger Schweiz

Bestimmt freuen Sie sich darauf, die Kultur wieder genießen zu können!? Aus diesem Grund haben wir Ihnen die Öffnungszeiten der Kulturstätten aus unserer Region zusammengestellt.

Die **Burg in Beaufort** ist geöffnet seit dem 27. März. Geführte Touren im Renaissance Schloss finden von donnerstags bis sonntags, jeweils um 11 und 16 Uhr statt. Auch andere Zeiten sind möglich auf Anfrage. Bei den geführten Touren gilt noch immer die Regel 9 Personen und 1 Guide.

Der **Aquatower in Berdorf** ist seit dem 1. März geöffnet. Ab dem 1.4. ist von dienstags bis sonntags, von 14-18 Uhr geöffnet. Die **Burg in Larochette** ist seit dem 15. März geöffnet. **Das Abteimuseum** in Echternach ist geöffnet von 10 - 12 und von 14 bis 17 Uhr.

Das in der Basilika befindliche **Dokumentationszentrum der Springprozession** ist täglich von 10 bis 12 und von 14 bis 17 Uhr geöffnet. Die **Römische Villa** in Echternach öffnet an Ostersonntag. An Ostermontag, den 5. April, wird eine geführte Tour um 15 Uhr angeboten. Ab 11. April findet jeden Sonntag um 15 h eine geführte Tour statt!

Das **Musée Tudor in Rosport** ist das ganze Jahr über geöffnet. Im April, Mai und Juni, von Mittwoch bis Sonntag, gelten die Öffnungszeiten von 14 bis 18 Uhr.

Wer einen Guide für eine Attraktion buchen möchte, kontaktiert uns. Das gesamte Angebot an geführten Touren in der Region findet man auf unserer Homepage.

www.mullerthal.lu/de/entdecken/gefuehrte-touren

Guidedtours@mullerthal.lu

Office Régional du Tourisme Région Müllerthal -
Petite Suisse Luxembourgeoise
B.P. 152
L-6402 Echternach
Telefon (+352) 72 04 57 – 1
info@mullerthal.lu
www.mullerthal.lu
www.mullerthal-trail.lu



Tourismusverband Region Müllerthal – Kleine Luxemburger Schweiz
www.mullerthal.lu | www.mullerthal-trail.lu

Receptioun nei Awunner

WËLLKOMM AN DER GEMENG !

De 25. Mäerz 2021 hunn de **Schäfferot** an d'**Integratiounskommissioun** vun der Gemeng Jonglënster déi Awunner, déi 2019 an 2020 an d'Gemeng geplënnert sinn, op hir traditionell Wëllkomm-Receptioun invitéiert. Well mir eis dëst Joer net perséinlech konnten treffen, ass aus dësem Rendezvous e virtuell Treff ginn. Iwwer Zoom huet de Buergermeeschter Romain Reitz de neien Awunner e klengen Iwwerbléck iwwert d'Gemeng mat hiren 12 Dierfer ginn a nei Projete presentéiert. Als Wëllkomm-Grouss kruten d'Bierger eng Iwwerraschungstut mat typesch Lëtzebuerger Produiten, interessanten Brochuren aus der Gemeng iwwer d'Wanderweeër, eis Entreprises, d'Veräiner aus der Gemeng, de Café des langues etc, déi d'Schäfte Ben Ries a Françoise Hetto-Gaasch de Leit presentéiert hunn: Cremant vun der Musel, e Péckvillche vun der Kënschtlerin Romy Weydert, déi laang Joren hiren Atelier beim Schlass an der Bueg hat, Kachkéis vun der Luxlait, Nuddele vun Dudel-Magie, fir déi och Eeër vun Eschweiler verwennt ginn, Quetschekraut vum Lënster Equiclic an Hunneg vum lokale Produzent Victor Thill vum Groeknapp.


Ee spezielle Merci eise Leit aus der Kommissioun:

Anne Persenaire, fir déi franséisch Iwwersetzung

Karla Diaz, fir déi däitsch Iwwersetzung

Jane Barton, fir déi englesch Iwwersetzung

an dem Fabrice Mousel, deem sengem informatéschen Knowhow mir déi ganz virtuell Receptioun ze verdanken hunn.



Receptioun nei Awunner



Schoulkantin an der Buerg

D'Kanner aus dem SEA Bueglënster hunn e Projet zum Thema "lessen an der Buerg" gestart. Dofir huet de Cycle 3.2-4.2 déi Kanner aus deenen anere Gruppen (vu 15 Méint bis 12 Joer) zum Thema lesse befrot.

A Form vun engem Froebou oder verbal konnten d'Kanner sech iwwer déi momentan Situatioun matdeelen. D'Äntwerten op d'Froer wéi: "Wat fann dir gutt?" oder "Wat géif dir iech wënschen?" sinn uschléissend opgeléist ginn an op engem Plakat verschafft a visualiséiert ginn.

Well et der Asbl Päiperlek wichteg ass dass d'lessen net nëmme qualitativ héichwärtég a gesond ass, mee et de Kanner och schmaacht, kruuten d'Kanner d'Méiglechkeet hiert Empfangen an hir Siichtweis de Käch an der Diététicienne matzedeelen.



Lancelot

Mélodie



Werner

Liz


Lancelot

Claude

Mélodie

Simon

Schoulkantin an der Buerg



Froebou--Draachekanner sinn vun hire Spriecher Liz a Léini zu Thema „lesse“ befrot ginn. (Cycle 3.2-4.2)


De Lancelot huet d'Kanner aus dem Geckengrupp zum Thema „lesse“ befrot. (15 Méint bis 3 Joer)

Ëmfro zum Thema " lesse "

De Fliedermousgrupp si vun hiren Educatricen zum Thema lesse „befrot“ ginn. (Cycle 2.1-3.1)

De Lancelot huet d'Kanner aus dem Rittergrupp zum Thema „lesse“ befrot. (Précoce)

Draachekanner hunn d'Ausoe vun all de Kanner gesammelt an ausgewäert.



Kënschtler an Artisten aus der Gemeng

FABIENNE WELTER

D'Fabienne Welter ass Violonistin am OPL. Wéi flott fir eis Gemeng esou eng héichkaräteg Musekerin bei eis wunnen ze hunn. En plus muss ee wëssen, dass si, nieft engem Museker um Cor, di eenzeg Lëtzebuergerin an eisem weltbekannten Orchester ass. Chapeau.

Dir hutt si bestëmmt schon erbléckst, an Kader vun Iwwerdroungen vu Festivitéiten: si fält op, eng flott Fra, setzt ganz vir am Orchester, an ass liicht erkennbar duerch hir hell krauseleg laang Hoer.

Professionelle Museker ze ginn war net wierklech dem Fabienne säin Dram vu Kand un. Am Géigendeel. Hire Papp, selwer Museker am deemolegen RTL Orchester, wollt seng Léift fir d'Musek u seng Kanner weiderginn. Aus där Ursach kruten d'Fabienne fir hiren 4. Gebuertsdag eng Gei, an hire Brudder ee Piano geschenkt. Mat esou engem Cadeau sinn natierlech direkt héich Erwaardunge verbonnen.

D'Fabienne huet och de Conservatoire hei zu Lëtzebuerg komplett duerchgezunn, ouni awer elo di ganz grouss Passioun ze verspieren. Et war jo eigentlech net hire perséinleche Choix gewiescht fir Gei ze léieren. An eréischt wéi si de Niveau supérieur bis erreicht an ofgeschloss hat, huet d'Begeeschterung, di sech bis dohinner dach awer a Grenzen gehalten hat, ugefaangen sech bemierkbar ze maachen.

D'Fabienne war am Europaorchester ugeholl ginn, a krut dee selwechte Summer Boursen fir bei russeschen Proffen Stagen ze maachen. Leider hunn di vill Stonne Prouwen hir eng Seenenentzündung abruecht, an et gouf Zäit mol eng Paus anzeleeën: eng Paus fir d'Seen ze schounen, an sech op d'Première ze konzentréieren.

D'Fabienne huet am Kolléisch eng 1ère B gemaach, a wollt eigentlech Mathe, Medezin, Recherche studéieren, oder esou eng änlech Richtung aschloen. Si krut eng Bourse vun der amerikanescher Miami University, déi op di jonk talentéiert Musekerin opmierksam gi waren. Fei Saach duecht sech d'Fabienne: da méchs de lo mol Musek, also Gei, an esou niewebäi nach Ekonomie a Mathe.

Et war mat Sécherheet di richtig Entscheedung, well genee dunn gouf et op emol fir di jonk Fra ganz kloer: si wollt definitiv Gei studéieren, a net Eko an och net Mathe.

Des Kéier allerdéngs war et hiren eegenen, ganz perséinleche Choix, an no engem Semester Miami University koum si zrëck op Lëtzebuerg.

Hir Famill huet sech- wie wonnert et- immens iwver hir Decisioun gefreet.

D'Fabienne huet dunn zu Mons ugefaangen mat Gei bei engem Proff, deen si recommandéiert kritt hat. Mee si hat sech do wuel méi erwaart, ass fir de Cycle supérieur bei en aneren Proff gewiesselt, an tëscht Léck, Mons a Lëtzebuerg hin an hir gependelt. Zu Lëtzebuerg war si nämlech och Member am Ensembl «Les Musiciens», engem Kammerorchester, an huet am Estro Armonico op enger Barockgei matgespillt.

Während hirer Studienzäit krut si eng Platz am Orchestre Royal de Chambre de Wallonie, wou si während 5 Joer hiert Talent konnt ënnert Beweis stellen.

Haut seet si: jo et war immens vill, mee et war derwäert.

Iergendwann huet si dat Gependels, alt 2 mol am Dag den aller-retour Lëtzebuerg-Belsch, net mir verdroen, an si huet versicht eng Platz am haitegen OPL Orchester ze kréien.

2001 duerft si do eng éischte Kéier e Congé de Maternité ersetzen, an 2003 huet si de Concours gewonnen. Esou ee Concours dat ass net näischt: do heescht et sech nieft ganz villen aneren Interessenten ze behaupten, top virbereet ze sinn, nervlech duerchzehalen an sech beim Virspillen jo nëmme näischt vu Nervositéit umierken ze loossen, mee ganz einfach säi Bescht ze ginn, an de Jury ze iwwerzeegen.

D'Fabienne huet et gepackt. Si konnt sech bei 249 Konkurrenten duerchsetzen. Et muss ee wëssen, dass wann esou eng Platz ausgeschriwwen ass, Museker aus der ganzer Welt sech dofir mellen an hoffen an eisem renommierten Orchester ënner Daach ze kommen.

Den OPL ass definitiv en Ensembl vu Museker aus der ganzer Welt, eigentlech ee Spigelbild vun eiser Gesellschaft, genee esou multikulti.

D'Fabienne Welter huet dunn als Member vun der Delegatioun vum Orchester di ganz Fusioun tëscht OPL an Philharmonie begleet, eng schwierig awer enorm wichteg Fusioun.

Haut spillt si ënnert hirem drëtter permanente Chef, dem Gustavo Gimeno, deen zanter 2015 seng Museker op eng exzeptionell Aart a Weis matrappt.



Kënschtler an Artisten aus der Gemeng

Wéi preparéiert een sech iwwerhaupt op ee Concert?

Ma do besuergt een sech d'Partituren eng gutt Zäit am Virus, soubal de Programm steet, a virun der éischer Pruf soll jiddereen seng Noute kennen. Duerno gëtt dann um Ensembl an un der Interpretatioun geschafft. Dat allerschéinst ass natierlech wann een dann als grouss Equipe op Tournée geet, do wísst een zesummen, erlieft zesummen wéi wäit dass ee säi Public beréiert. Eng Tournée deet en plus dem Niveau vun engem Orchester immens gutt. D'Fabienne erënnert sech mat vill Freed un hir Asientournée, un Optrëtter a Südamerika, sou wéi a villen europäesche Stied, oder och nach zu Moskau a Sankt Petersburg. An iwwerall reagieren d'Leit anescht. Dat gëtt engem Museker immens vill. Onbeschreiblech Glécksmomenter.



A lo zu Covidzäiten? Wat leeft elo?

Abee dat ass net esou ganz einfach.

Säit engem Joer konnt den Orchester net méi a senger kompletter Besetzung zesummespille, nieft ville Concerten di komplett hu missen ofgesot ginn. An awer schätzt d'Fabienne sech glécklech iwwerhaupt dierfen ze spille. Am Géigendeel zu aneren Museker op der Welt, déi hir Wunnengen mussen kënnegen, well se keen Akommes mi hunn, well alles ofgesot ass. Dat Ganzt ass dramatesch fir di ganz Kulturzeen.

Hei mussen d'Museker sech un di sanitär Reegelen halen: si halen hir 2 Meter Distanz an,

spille eben just zu maximal 50 op der Bün, eben en aneren Programm, dee jeeweils fir 14 Deeg festgeluecht gëtt.

D'Prouwe si mi kuerz, ouni Paus, d'Concerten och mi kuerz, leider dierf och just an deem enorm grouse Sall virun 100 Leit gespillt ginn. Plangen ass extrem schwierig.

Fir de Summer ass zwar eng Tournée a Spuenien geplangt, mee ob se effektiv stattfënt, dat steet nach an de Stären.

Villes gouf ofgesot an de leschte Méint. Nieft de Concerten zu Lëtzebuerg och Optrëtter an de Baltische Länner, zu Wien an nach op villen aneren Destinatiounen.

D'Fabienne erzielt iwwert d'Sträichinstrumenter, di als eenzeg Instrumenter mam Alter besser ginn. An: eng Gei huet eng Séil. Eng Séil di ee kann upaken.

Réckbléckend op hiert Studium zum Museker, hunn ech si gefrot wat si engem jonke Mënsch géif mat op de Wee ginn, deen nach sicht a wéi eng Richtung et soll higoen. Hir Äntwert ass glaskloer:

Et ass wichteg ze spieren, an sech eranzelauschteren ob een op der richteger Schinn ass oder net. Et muss een éierlech mat sech selwer sinn, an au Besoin eppes änneren, eppes aneshtes studéieren, d'Richtung wiesselen. Besser en zweeten Ulaf huelen, wéi säi Liewe laang an engem Beruff schaffen, deen engem keng Freed mécht.

D'Fabienne huet dee richteger Choix getraff: si ass haut mat Leif a Séil Orchestermuseker. Gei spille ass net mi just en Hobby, mee e Beruff, fir deen een haart schaffe muss.

An d'Belounung di kennt: wann alles klappt, um Enn vum Concert standing ovations, vun engem Public deen ee mat senger Musek beréiert huet. Dat sinn Glécksmomenter di een sech net kafe kann, an di een sou net an all Beruff huet.

Fabienne, Merci fir eist léift Gespréich, den Abléck an der Gei hir Séil an dee sympatheschen Aféierungscours an d'Geispillen (nozelauschteren an ze kucken iwwer dëse Link: <https://www.youtube.com/watch?v=PGxtQtNfExo>).

Françoise Hetto-Gaasch
Kulturschäffen



Dir fannt all d'Kënschtler an Artisten aus der Gemeng, déi bis elo am MAG virgestallt goufen, op eisem Internetsite: <https://www.junqlinster.lu/documents-et-media-categories/kenschtler-an-artisten-aus-der-gemeng/>

Grouss Botz



GEMENG
JONGLËNSTER

GROUSS BOTZ 2021

Am Kader vun der nationaler Aktioun vun „natur&ëmwelt“
bedeelege mir ons als Gemeng dëst Joer un der Grousser
Botz 2021

**D'Aktioun geet dëst Joer vu MEE
bis SEPTEMBER**

D'Ëmwelt-Kommissioun invitëiert all d'Veräiner an och interesséiert
Leit aus der Gemeng hei matzemaachen. Iwwer App (am App Store a
Google Play disponibel) kënnt Dir Äre gesammelten Offall dokumentéieren.
<https://www.litterati.org> - Rubrik 'Challenge' - Passwuert JUNG2021

Weider Informatiounen fannt Dir op www.junglinster.lu/
Bei Froe kontaktéiert ons per Mail : jean.boden@junglinster.lu Am
Hierscht ginn op engem Ofschlossevent d'Resultater virgestallt

MERCI AM VIRUS FIR ÄERT ENGAGEMENT AM INTERESSI VUN ONSER GEMENG

Energie- Natur- an Ëmweltkommissioun Jonglënster



Grouss Botz

Action « GROUSS BOTZ 2021 »

Chaque printemps, natur&ëmwelt invite toutes les communes du pays à organiser une campagne de nettoyage de l'environnement nationale. Cette campagne a comme objectif de collecter des déchets jetés dans la nature et d'aboutir de cette manière à un changement durable du comportement de chacun.

Notre commune participera également à cette action, nommée « Grouss Botz », qui durera cette année de mai à septembre.

La commission de l'énergie, de la nature et de l'environnement invite ainsi tous les clubs, associations, entreprises et personnes privées intéressées de la commune à participer. Durant la période de l'action vous aurez la possibilité de documenter vos déchets collectés à l'aide d'une application sur votre téléphone mobile.

L'application **Litterati** (<https://www.litterati.org/>) permet aux utilisateurs de prendre en photo les déchets jetés dans la rue ou la nature. De cette manière et avec votre aide, la commune peut optimiser la collecte de données concernant les sortes de déchets et leur géolocalisation pour contribuer ainsi à une commune plus propre à l'avenir.

À partir du 1^{er} mai 2021, vous pouvez vous connecter en téléchargeant l'application sur l'App Store ou Google Play et en entrant le code suivant dans la rubrique « Challenge » :

Mot de passe challenge : JUNG2021

Pour plus d'informations, veuillez visiter le site de la commune : www.junglinster.lu
Si vous avez des questions, n'hésitez pas à nous contacter par e-mail: jean.boden@junglinster.lu

En automne, une évaluation sera faite lors d'un événement de clôture.

MERCI D'AVANCE POUR VOTRE ENGAGEMENT DANS L'INTÉRÊT DE NOTRE COMMUNAUTÉ.

Commission de l'énergie, de la nature et de l'environnement de Junglinster

Clean-up action "GROUSS BOTZ 2021"

Every spring, natur&ëmwelt invites all municipalities to organise a clean-up campaign. The aim of this campaign is to collect waste that has been thrown away in nature and to change people's behaviour in a sustainable way.

The municipality of Junglinster will also take part in this campaign, called "Grouss Botz", which will last this year from May to September.

The consultative commission for energy, nature and environment invites all interested club members, associations, companies and private individuals in the municipality of Junglinster to participate. During the period of the campaign, you will be able to document your collected waste using an application on your smartphone.

The **Litterati application** (<https://www.litterati.org/>) allows users to take pictures of waste dumped on the street or in nature. In this way, and with your help, the municipality can optimise the collection of data concerning the types of waste and their geolocation, thus contributing to a cleaner municipality in the future.

From May 1st, 2021, you can log in by downloading the app from the App Store or Google Play store and entering the following code in the 'Challenge' section:

Challenge code: JUNG2021

For more information, please visit the municipality's website: www.junglinster.lu

Should you have a questions, please do not hesitate to contact us by e-mail: jean.boden@junglinster.lu

In autumn, an assessment will be made at a closing event. THANK YOU IN ADVANCE FOR YOUR

COMMITMENT IN THE INTEREST OF OUR COMMUNITY.

Energy, Nature and Environment Commission - Junglinster

Poubelle bio

Le bon tri pour la poubelle bio

peuvent être mis dans la poubelle bio:

Restes et résidus de préparation de repas, denrées alimentaires périmées. Par exemple:

- déchets de légumes et de fruits,
- filtres à café et sachets de thé,
- restes alimentaires,
- charcuterie, viande, fromage.

Déchets organiques de jardin comme:

- tontes d'herbes et de gazon,
- mauvaises herbes, feuillage.

ne peuvent pas être mis dans la poubelle bio:

- déchets liquides (soupes, sauces, lait...),
- autres types de déchets (emballages, sacs plastiques, langes, litières, cendres, terre, sacs d'aspirateurs, etc.),
- bois, taille d'arbres et d'arbustes,
- racines avec terre,
- terreau.

Pour vos déchets de jardin contenant du bois (taille d'arbres et d'arbustes) ou avec terre (racines ou mauvaises herbes), ainsi que pour les grandes quantités de tontes d'herbes et de gazon, veuillez continuer à vous servir gratuitement des conteneurs au centre de recyclage à Junglinster ou à la décharge Muertendall du SIGRE.



Déchets & recyclage

MAI: DÉCHETS MÉNAGERS

Mardi 4

Mardi 11

Mardi 18

Mardi 25

MAI: POUBELLE BIO

Jeudi 6

Vendredi 14

Jeudi 20

Jeudi 27

MAI: VALORLUX


Vendredi 14

Vendredi 28

MAI: PAPIER + VERRE

Lundi 10

Vendredi 21



RECYCLINGZENTER JONGLËNSTER

Öffnungszeiten vom Recyclingcenter

Heures d'ouverture du centre de recyclage

Montag/lundi: geschlossen/fermé

Dienstag/mardi: 07h00-13h00

Mittwoch/mercredi: 12h30-18h30

Donnerstag/jeudi: 12h30-18h30 (Winterzeit/heure d'hiver)
13h30-19h30 (Sommerzeit/heure d'été)

Freitag/vendredi: 12h30-18h30

Samstag/samedi: 09h00-17h00

Sonntag/dimanche: geschlossen/fermé

Adresse:

Beim Rossbur

L-6114 Junglinster

Tel.: 26 78 32-1

Fax: 26 78 32-22

info@rcjunglinster.lu





GEMENG
JONGLÄNSTER